

# de Fräiheetsgaard vu Schandel

E puer Wierder iwwert d'Geschicht vum Fräiheetsgaard an d'Aweihung den 30. Dezember 1989 zu Schandel. Am Joër 1939 hun d'Lëtzebuerger am ganze Land mat voller Begeeschterung 100 Joër Onofhängigkeet gefeiert. Gefeiert gouf och an deene klengsten Dierfer, wou Grouss a Kleng derbäi waren, fir dësen Daag esou schéi wi méiglech ze gestalten. Fir di kommend Generatiounen dorun ze erënneren, hun di Schandeler bausst der Uertschaft, um Wee fir op Rëmmerich eng schéi Plaz ugeluecht. Zwou Lanne goufe geplanz, déi nach haut di 100 Joër Onofhängegkeet symboliséieren. Rondërem war een Zonk gezu gin, an als Entrée war eng Paart, déi mat engem roude Léiw dekoréiert war, opgestallt gin. Op der Paart stungen d'Wierder: "Roude Léiw waach, Schandel 1839 - 1939"

Waat Fräiheet an Onofhängegkeet bedeit, daat as ee Joër duerno jidderengem bewosst gin, wéi eist Land an de Joren 1940-1945 vun enger verhaasster Nazigewaltherrschaft ënnerdréckt gouf. D'Paart vum Fräiheetsgaard war an deene Joren an enger gudder Stopp. Gläich nom Krich as si rëm an engem festliche Cortège op hir Plaz bruecht gin. Haut huet d'Paart hir Eiereplatz am Pompjée'sbau fonnt.

D'Zäit as virugaang an d'Joër 1989 stung am Zeeche vun de Feierlechkeeten vun der 150jähriger Onofhängegkeet. Op kantonaler wéi op kommunaler Basis sin Emzich geplangt gin. Fir di Schandeler war daat eng Geleenheet un hire Fräiheetsgaard vun 1939 z'erënneren an duerfir hu si dësen op engem Won présentéiert. Vill Arbicht huet et kascht an et sollt nit nëmmen e Wierk fir e puer Deeg sin. Esou hu si sech entschloss, et fir d'Zukunft ze erhaalen an un der Säit vun der Kirch fir ëmmer als Erënnerung un 150 Joër Onofhängegkeet opzerichten a frësch unzeplanzen.

Den 30. Dezember 1989 war et sou wäit. De Fräiheetsgaard konnt ageweit gin. An engem feierliche Cortège, dee vun de Pompjée'en vu Schandel an de Verrieder vun de Pompjée'skoren aus der Gemeng ugefouert gin as, sin d'Gemengenautoritéiten a Begleedung vun der Musik an dem Gesank vun lewerleng op d'Kiirchplatz gaang, wou Verrieder vun de Veräiner aus der Gemeng Useldeng an d'Awunner vu Schandel sech afonnt haaten fir d'Aweigung duerch hir Präsenz ze verschéineren.

D'Leit si begréisst gin, an d'Geschicht vum Fräiheetsgaard as kuerz beliicht gin. No engem historische Réckbleck iwwert d'Onofhängigkeet vu Lëtzebuerg war et sou wäit. Den Här Buergermeeschter huet de Lëtzebuerger Fändel ënnert de Kläng vun der Sonnerie Nationale vun der neier Paart eraf geholl. Op der Paart as ee Roude Léiw an an enger gëllener Schrëft stin di sälwicht Wierder wéi op der Aaler.

A sénger Usprooch huet den Här Buergermeeschter sech bei deene bedankt, däi am Laaf vum Joër un de verschiddene Feierlichkeeten deelgeholl hun. Ee besonneschen Dank gung un d'Pompjée'e vu Schandel. Dun huet hien un di vill Opfer erënnert, däi d'Fräiheet vu Lëtzebuerg kascht huet. Zum Schluss as d'Hémecht gespillt gin an duerno huet d'Gemeng op den Eierewäin agelueden.

Um Veräinsbau huet de Gesang Lëtzebuerger Lidder gesong an d'Musek huet ee klenge Concert gespillt an an deem Kader hun d'Feierlichkeeten ee schéint Enn fonnt.

d'Pompjée'e vu Schandel